# Sëcherheet



Dossier de l'animateur numéro 2

Dossier de l'animateur numéro 1 : Brochure de formation
Dossier de l'animateur numéro 2 : Sëcherheet
Dossier de l'animateur numéro 3 : Kachen a Brachen
Dossier de l'animateur numéro 4 : Erlebnispädagogik mit Gruppen
Dossier de l'animateur numéro 5 : à paraître
Dossier de l'animateur numéro 6 : Natur
Dossier de l'animateur numéro 7 : Opbau vun enger thematescher Kolonie
Dossier de l'animateur numéro 8 : Spiller
Dossier de l'animateur numéro 9 : Bosses et Bobos
Dossier de l'animateur numéro 10 : Animateur ginn - Animateur sinn

Hors série : Lidderhanes


## Impressum

*Autoren*
Georges Faber, Adrien Promme
an Zesummenaarbecht mat :
Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS), Service National de la Jeunesse (SNJ)

Responsabel Editeuren :
Commission consultative à la formation des animateurs

Fotoen :
SNJ

Drock :
Imprimerie Faber

Erscheinungsjoer
2011



INDEX


Aféierung 5
Charte vun der Risikopräventioun 7
Präventioun 9
Allgemenges 10
Hygiène 11
Campplaz 13
Aktivitéiten 15
Blëtz an Donner 19
Transport 23
Stroosseverkéier 27
Encadrement 31
Verpflichtunge vu Jugendanimateuren 33
Assurancen 37
Am Noutfall 41
Checklëscht 43


# Index

# INDEX


| | |
|---|---|
| Aféierung | 5 |
| Charte vun der Risikopräventioun | 7 |
| Präventioun | 9 |
| Allgemenges | 10 |
| Hygiène | 11 |
| Campplaz | 13 |
| Aktivitéiten | 15 |
| Blëtz an Donner | 19 |
| Transport | 23 |
| Stroosseverkéier | 27 |
| Encadrement | 31 |
| Verpflichtunge vu Jugendanimateuren | 33 |
| Assurancen | 37 |
| Am Noutfall | 41 |
| Checklëscht | 43 |



# Aféierung

# Aféierung

Keng Aktivitéit ass ouni Risiko. Well et onméiglech ass all d'Geforequellen ze eliminéieren, geet et virun allem doréms sech dem Risiko bewosst ze ginn, e méiglechst ze vermeiden oder, wann et net anescht geet, mat him richteg ëmzegoen. Bei eise Fräizäitaktivitéite kënne mir de Jonke villes an deem Sënn mat op de Wee ginn. Dësen „Dossier de l'animateur" soll eng Hëllef si fir déi Responsabel aus dem Jugendsecteur: et gëtt op Risiken opmierksam gemaach an dir fannt Virschléi, wéi een domat ëmgoe kann. E gouf ausgeschafft vum Service National de la Jeunesse an de Lëtzebuerger Guiden a Scouten.

Den Dossier reit sech an an d'Demarchë vu verschiddenen Organisatiounen an Institutiounen, déi am Jugendberäich aktiv sinn. Si hunn déi lescht Joere vill um Thema „Sëcherheet bei Jugendaktivitéite" geschafft. Speziell am Beräich vun der Sensibiliséierung vun de Responsabele goufe vill Efforte gemaach. Esou goufen, niewt dësem Dossier, speziell Affichen an „Noutfallkäertecher" fir d'Campen an d'Kolonië gedréckt; d'Thema „Sëcherheet" ass systematesch an d'Formatioun vun den Animateuren an Aide-Animateruen integréiert ginn; e Fichier mat den, den Normen entspriechenden, Chaleten zu Lëtzebuerg ass elo iwwer Internet zougänglech an et gi regelméisseg Formatiounen zum Thema ugebueden. All dës konsequent Efforte sinn an der „Charte de la prévention des risques lors d'activités avec jeunes" resüméiert, déi och am Dossier beschriwwen ass.

D'Efforten am Beräich vun der Risikopräventioun gi begréisst an ënnerstëtzt vun der Inspection du Travail et des Mines, déi eis fachmännesch beroden huet bei der Charte a beim Dossier.



# Charta vun der Risikopräventioun

# Charta vun der Risikopräventioun

Während deene leschten zwee Joer huet d'« Commission consultative à la formation » sech mat der Fro vun der Sëcherheet vun deene jonke Participante bei Vakanzaktivitéite beschäftegt.

An deem Kontext gouf décidéiert verschidden Hëllefsmëttel auszeschaffen déi zu enger verbesserter Risikopräventioun bäidroen.

D'« Commission consultative » huet Affichen entworf fir ze sensibiliséieren, Informatiounsmaterial ausgeschafft fir Responsabler vun Aktivitéite mat Jonken a déi verschidden Organisatioune bidde Formatiounen zum Thema Sëcherheet un.

Duerch déi praktesch Aarbecht hunn d'Organisatiounen, déi an der « Commission consultative » representéiert sinn, hiert Engagement am Beräich vun der Risikopräventioun bewisen. Als Resultat vun deem Engagement ass d'« Charte – Prévention des risques lors d'activités avec jeunes » entstan.

D'Charte, déi zu villen Diskussioune gefouert huet an e puer mol iwwerschafft gouf, zielt déi wichtegst Sëcherheetsaspekter op an d'Membere vun der « Commission consultative » verpflichte sech dës Aspekter ze respektéieren.

## Charta vun der Risikopräventioun während Jugendaktivitéiten

Op d'Sëcherheet an d'Gesondheet vun de Jonken, déi eis uvertraut gi sinn, opzepassen ass fir eis Associatiounen eng moralesch a gesetzlech Pflicht. Allerdéngs gehéiert Gefor zum Liewen dozou a kann ni ganz vermidde ginn. Am Bewosstsinn vun eiser Verantwortung fir während eisen Aktivitéiten all Risiko souwäit ewéi méiglech virzebeugen, engagéiert eis Associatioun sech zu folgendem:

- Sech den Interessien, de Kompetenzen an der Motivatioun vun de Jonken déi matginn, bewosst ze sinn;
- Animatiounen unzebidden déi op Vertrauen, Respekt a Solidaritéit baséieren;
- Während den Aktivitéiten eng Ambiance ze erschafen déi en harmonescht Gruppeliewen erméiglecht;
- Op d'Wuelbefannen, d'Hygiène an d'Sëcherheet vun de Jonken opzepassen;
- Op eng gesond an equilibréiert Ernährung opzepassen;
- De Jonke kloer an däitlech ze vermëttelen no wat fir Regelen et ofleeft;
- Déi Jonk op Gefore bei den Aktivitéiten hinzeweisen an hinnen déi richteg Uleedungen ze ginn;
- Op eng Betreiung vum Grupp, déi un d'Gruppenzesummesetzung an un d'Aktivitéit ugepasst ass, opzepassen;
- Den Animateuren eng Dokumentatioun zur Verfügung ze stellen déi se fir d'Risikopräventioun sensibiliséiert;
- D'Animateuren dozou ze encouragéiere fir bei Stagen iwwer d'Auswäerten a Präventioun vu Risike matzemaachen.





# Präventioun

# Prävention

D'Sëcherheet ass eng berechtegt Erwaardung vun de Kanner a vun hiren Elteren un d'Animateuren. Jugendaarbecht ass noutwennegerweis mat Gefore verbonnen, mee als Animateure kënne mir vill maache fir Accidenter ze verhënneren.

Als Animateure musse mir all noutwenneg Virsiichtsmoossname bei der Wiel an der Organisatioun vun enger Aktivitéit huelen, fir esou d'Onfallgefor op e Minimum ze reduzéieren. D'Fro, déi ee sech stelle muss, ass: "Wat maachen ech fir en Accident ze verhënneren?". Fir ze weise wat dat konkret heesche kann, hei eng Rei Moossnamen, un déi ee virun enger Aktivitéit soll denken.

Andeems een un d'Sëcherheet virun a während den Aktivitéiten denkt a verschidde Saache berücksichtegt oder virgesäit, mëcht een eppes fir sech am Fall vun engem Accident och besser "verteidegen" ze kënnen.

## Allgemenges

- Zesumme mat de Kanner/Jugendleche versichen, d'Gefore vun enger Aktivitéit ze erkennen an sech zesummen drop astellen.
- Fir all Aarbecht dat richtegt Geschir beschafen, et gutt an der Rei halen an et net dorëmmer trëlle loossen (wéi z.B. Aaxten an Himmer asw.).
- Déi Techniken a Gesten, déi bei der Aktivitéit gebraucht ginn, léieren an trainéieren: z.B. Kloteren, Schwammen, Schneiden a Seeën, Ëmgang mat Apparaten a Maschinnen.
- Beim Ëmgang mat geféierlechem Material z.B.: Beil, mussen d'Animateuren ëmmer erëm d'Leit unhalen, sech richteg ze behuelen. D'Utilisateuren, zemools Kanner, sollen am A behale ginn.
- Et muss sech der Aktivitéit no gekleet ginn, z.B.: Helm beim Kloteren a Coursefueren, fest Schong an de Bierger, Schaffhändsche bei der Botzaktioun, hellt Gezei a Reflekteren owes op der Strooss, keng Nylonssaache beim Feier.
- D'Animateure musse sech d'Plaz vun den Aktivitéite gutt ukucken a se kritesch analyséieren, z.B. bei engem Nuetsspill d'Plaz am hellen Dag kucke goen, ...
- Et soll an all Chefséquipe mindestens ee sinn, den en Éischt-Hëllefscours matgemaach huet. Ausserdeem ginn et och heiansdo Méiglechkeete fir Initiatiounscoursen an der Éischter-Hëllef matzemaachen.
- Virun de Kanner zou gëtt keen Alkohol gedronk an och net gefëmmt.
- Eng Sammelplaz soll definéiert ginn, wou de ganze Grupp sech am Noutfall ka sammelen. (Wa méiglech Noutsituat- iounen üben.) Op der Strooss hale mir eis un de "Code de la route".



# Hygiène

# Hygiène

## Iessen

- Et gëtt méiglechst mat frëschen Iesswuere gekacht an d'Wuere gi richteg gelagert.

- Op proppert Drénkwaasser gëtt Wäert geluecht.

- Et gëtt fir e méiglechst equilibréiert Iesse gesuergt.

## Allgemeng Hygiène um Camp

- D'Dreckskëscht steet wäit genuch ewech vun der Kichen a gëtt esou dacks ewéi méiglech eidel gemaach.

- D'Kiche steet am Schied an/oder ënnert engem Iwwerdaach.

- Nom Iesse gëtt uerdentlech gespullt.

- Fir d'Ofwaasser besteet en Offloss oder et gëtt e "Mupp" gebaut.

- D'Camptoilette gëtt hygienesch a propper gehal.

- Et gëtt nogefrot an dofir gesuergt dass d'Verdauung vun de Kanner klappt, gi se regelméisseg grouss op d'Toilette?

- Bei naassem Wieder Kleeder a Schlofsäck drëchen hale resp. drëchnen.

- Mueres ginn d'Schlofsäck geleft.

- Dofir suergen, dass d'Kanner sech wéinstens owes wäschen.

- Am Dag d'Kanner a Jugendlech un d'Hännwäsche virum Iessen erënneren.

## Gesondheet an Éischt-Hëllef

- Sech bei den Elteren iwwer d'Gesondheet vun hire Kanner informéieren; virum Camp eng "Fiche médicale" ausfëlle loossen.

- Bei den Aktivitéiten eng Éischt-Hëllefskëscht, mat ugepasstem an aktuellem Material, dobäi hunn.

- Um Camp d'Éischt-Hëllefskëscht ëmmer op der selwechter Plaz an der Rei halen!

- Eng Persoun dobäi hunn, déi sech an Éischter-Hëllef auskennt, an déi d'Këscht "verwalt".

- Am Zweifelsfall och bei klenge Verletzungen oder Krankheet bei den Dokter goen.

- D'Animateuren hu sech z'informéieren, wou si am Noutfall medezinesch Hëllef kréie kënnen.

## Auslandscamp

- Schrëftlech Autorisatioun vun den Elteren, déi, wann néideg vun den zoustännegen Autoritéite beglaubegt ass, mathuelen.

- Am Ausland, E 111 - Formulaire oder déi nei Carte de sécurité sociale (Carte Européenne d'Assurance Maladie) mathuelen.

- D'Impfkaarte mathuelen.

- Assurance fir Rapatriement am Fall vu Krankheet oder Accident ofschléissen (z.B. Europe Assistance).



# Campplaz

# Campplaz

## Camp an enger Scheier

- Sech versëcheren, dass keent vun de Kanner Fixfeier oder e Briquet bei sech huet.

- De Jugendleche gëtt haart an däitlech gesot dass an der Scheier ni däerf geféimmt ginn a kee Briquet däerf probéiert ginn.

- Vun den elektreschen Installatiounen ewechbleiwen.

- Wann op der Genn geschlof gëtt, oppassen dass ënnert dem Stréi keng futtis oder faul Brieder sinn, duerch déi ee kéint falen.

- Kontrolléieren, ob keng Botte kënnen erof falen, rutschen oder rullen.

- D'Leeder fir erop an erof ze klamme muss zolidd sinn, waméiglech uewe festgemaach.

- An der Scheier solle waméiglech keng Maschinne stoen, déi d'Kanner ulackele fir drop ze turnen.

- Et gëtt op d'Fluchtweeër higewisen.

## Camp am Zelt

- Keen Zelt oder Iwwerdaach an déi Richtung opschloen, an déi de Wand d'Fonke vum Feier bléist oder wou e Fändelsmast kéint falen.

- Plaz loosse fir tëschent de Piquete vun Nopeschzelter ze goen.

- Getrennt Patrullen- oder Equipenzelter sollen net esou wäit vuneneen ewech leien, dass een se net kann iwwerwaachen.

- Am Patrullenzelt net fëmmen a keng Gasluucht benotzen.

## Campkonstruktiounen

- Beim Schaffe mam Beil, mat der Aaxt oder mam Messer net an d'Richtung vum Been oder där anerer Hand lass schloen oder schneiden. D'Geschir kann ëmmer mol ausrutschen.

- An der Schlagrichtung vun der Aaxt oder vum Hummer däerf kee stoen.

- D'Kanner net ouni Opsiicht mat Beiler an Aaxte schaffe loossen.

- D'Kachmaschinn stabil an héchstens 80 cm héich (= Buedem vum Dëppen!) bauen.

- Wann ee mat Gaskocher kacht, kontrolléiert een, ob de Schlauch an d'Dichtungen net sprock oder brëcheg sinn. D'Gasfläsch léisst een ni an der Sonn stoen. Si soll ëmmer am Stoe versuergt ginn, an zwar ALL Gasfläsch (ob voll oder eidel). Et muss opgepasst ginn, dass se net ëmfale kann.

- Konstruktioune mat gesondem Mënscheverstand bauen.

- Wann onbedéngt Neel gebraucht ginn (z.B. als Kreepercher fir d'Geschir), se esou aschloen, dass een net kann dran hänkebleiwen.

## Feier

- Nimools e Feier mat Spray, Spiritus, Bensin oder aneren explosive Stoffer ufänken!

- Ëmmer d'Méiglechkeet hunn, d'Feier séier ze läschen.

- Kee Feier an engem Dännebësch oder direkt ënnert engem Bam maachen.

- Direkt reagéieren, wann d'Feier sech onkontrolléiert ausbreet.

- Wann ee Feier um Buedem mécht, muss een d' Plaz propper maachen, d.h. 2-3 m ronderëm d'Feierplaz alles ewechhuele wat d'Feier ausbreede kéint, z.B. dier Blieder, Moos…

- D'Feier vun der Trapperkichen nom Iesse ganz ausmaachen a mat Buedem zoudecken. Oppassen, dass ee keng Blieder oder drëchenen Humus dropgehäit.

- D'Kachplaz soll wäit genuch vun den Zelter ewech bleiwen.

- D'Feierplaz muss ëmmer am A behale ginn.

- Feier richteg ausmaachen ier een d'Plaz verléisst.

- Keng synthetesch Stoffer (Plastik, …) an d'Feier geheien. Ni op engem Feier grille wou synthetesch Stoffer oder Ueleg verbrannt gi sinn oder grad verbrennen.



# Aktivitéiten

# Speziell Aktivitéiten

## Afebréck a Seelbunn

- Héicht vun der Afebréck dem Alter upassen, Distanz tëscht de Seeler op d'Kandidaten ofstëmmen.

- Nëmme Seeler a Material benotzen, wat tip top an der Rei as. Passt op d'Stabilitéit vun de Beem an hire Wuerzelen op.

- Helm a Baudrier undoen, permanent ofsëcheren (och beim Erop- an Erofklammen).

- Iwwerleeë wat geschéie kann, wann een eroffält oder um Enn vun der Seelbunn net gebremst kritt, an d'Plaz deementspriechend auswielen an ofsëcheren.

- Ëmmer nëmmen eng Persoun um Seel, d'Afebréck net als Klunsch benotzen.

- Ëmmer ee Seel als Sëcherung mat bäihuelen.

- En Animateur probéiert als éischten d'Konstruktioun aus.

- Material onbedéngt an der Rei halen an am Zweifelsfall net méi benotzen.

## Hike a Camp-volant

- E Wee eraussichen, den dem Alter ugepasst ass.

- Geforesituatioune mat de Jonken ofklären.

- Wann d'Kanner/Jugendlech eleng ënnerwee sinn, en Noutbréif matginn an hinne soe wéi se sech am Noutfall solle behuelen.

- D'Chefëquipe soll méiglechst telefonesch erreechbar bleiwen; si muss all Moment disponibel si fir kënnen ze hëllefen.

- Um Hike kontrolléieren ob déi Jugendlech op der Schlofplaz ukomm sinn

- Déi responsabel Animateure mussen hir Leit opmannst eemol am Dag begéinen.

- Mam Fierschter iwwer d'Schlofplaz schwätzen.

- Sech iwwert eventuell Klappjuegden informéieren.

- Näischt vun de Kanner/Jugendleche verlaange wat ee selwer och net wëll maachen.

## Schwammen

- D'Animateure musse kloer wëssen, wien net schwamme kann an dat am Virfeld esou ofchecken, dass jiddereen dat matkrut.

- Wann d'Schwammplaz net offiziell iwwerwaacht ass, informéiert ee sech bei de Leit aus der Géigend, ob d'Waasser gëeegent ass fir ze schwammen.

- Et gëtt kloer gesot, wéi wäit een däerf schwammen.

- Oppassen op d'Trëndelen, d'Temperatur vum Waasser, d'Lächer an déck Steng um Fong vum Gewässer.

- Dofir suergen, dass all Mënsch aus dem Waasser ass wann d'Aktivitéit Schwammen eriwwer ass.

- Et däerf keen eleng, d.h. ouni Opsiicht, am Waasser sinn.

- Ee gudde Schwëmmer kuckt vum Ufer aus no.

- D'Leit musse sech lues u fléissend Waasser gewinnen.

- Net an enger staarker Stréimung bueden oder schwammen.

- **Am Noutfall DIREKT Hëllef organiséieren (Rettungsreef geheien, mam Boot dohinner fueren, Hëllef ruffen). Ouni Rettungsschwëmmerbrevet net an d'Waasser sprange fir een erauszehuelen.**

## Floossfaart

- Op engem Flooss huet jiddereen eng Schwammwest un.

- Virun der Floossfaart d'Gewässer exploréieren (Wieren, Stréimungen, Stroumschnellen...).

- Net op Gewässer fueren, déi séier fléissen, well do ass et schwéier e Flooss ze steieren.

- Um Flooss mussen e Seel vun 30 m an e Paddel sinn (Kuckt d'Reglement vun der "Binnenschifffahrt" no).

## Extra Aktivitéiten

- Keen Nuetsspill an enger fielseger Géigend, d'Plaz am hellen Dag kucke goen, de Spillberäich kloer ofgrenzen. D'Nuetsspill dem Alter upassen.
- Bei extra Aktivitéiten ewéi Floossfaarten, Klammen, Speleo, Biergtouren, Schwammen, sinn d'Kanner a Jugendlech op eng ugepassten Aart a Weis ofgesëchert an nom Gesetz encadréiert. Den Animateur soll sech och iwwer déi gesetzlech Bestëmmungen informéieren.



# Blëtz an Donner

# Blëtz an Donner

## D'Virzeeche vun engem Donnerwieder

– Déck Wolleken, déi riicht erop an d'Héicht ginn (sech no uewen opblosen)

– Et ass fiicht waarm (schmeier)

– Et kënnt opeemol Loft op

– Et fänkt u mat blëtzen an/oder et héiert ee Gegrommels

Dës Virzeechen sinn dacks zesummen, kënnen awer och nëmmen deelweis optrieden

## Vu wéini un ass en Donnerwieder geféierlech ?

– Am Prinzip ass all Donnerwieder ëmmer geféierlech, well e Blëtz ëmmer an iwwerall kann aschloen, souguer wann ee mengt d'Wieder wär nach oder schonn erëm wäit ewech, kann e Blëtz onverhofft ganz no aschloen.

– Besonnesch geféierlech ass et, wann den Donner manner wéi 30 Sekonnen nom Blëtz kënnt; dann ass d'Wieder ganz no ! (1 Sekonn bedeit +- 300 m)

## Wat ass d'Gefor ?

– Den eigentleche Blëtzschlag direkt op de Kierper

– D'Buedemstréim wann de Blëtz ganz nobäi aschléit

Déi zwou Zorte kënnen zu uerge Verletzunge féieren oder déidlech sinn!!!

## 30/30 – Regel !

– Ass d'Zäit tëscht Blëtz an Donner manner wéi 30 Sekonnen, dann heescht et immens oppassen a probéieren ënner Daach ze kommen

– Nom leschte richtegen Donner nach 30 Minutten ënnerdaach bleiwen

# Wéi soll ee sech verhalen ?

## a) Um Camping

– De Camping waméiglech net op enger exposéierter Plaz opriichten (Kopp)! Ausserdeem probéiere vun héije Poteauen ewechzebleiwen

De Blëtz probéiert normalerweis, den héchste Punkt a metallesch Géigestänn ze treffen

<u>Während dem Donnerwieder :</u>

- am Zelt vun de Wänn an de Staangen ewechbleiwen

- op eng Isomatt sëtzen

- dofir suergen dass kee Kierperkontakt mat anere Leit besteet

- probéieren, de Beréierungspunkt mat dem Buedem esou kleng wéi méiglech ze halen (d.h.: net leeën, mee huppen oder sëtzen)

## b) Am Haus

– Ewech bleiwe vu Stroum-, Telefons- a Waasser-leitungen a vu metalle Wänn (Schapp !!)

– Net ënnert d'Dusch stellen

– Ass et direkt iwwert dem Haus: vun de Fënsteren ewechbleiwen

## c) Um oder am Waasser (extrem Gefor!!!!)

– Extrem Gefor well ee selwer den héchste Punkt ass a well d'Waasser de Stroum immens gutt leet.

– Esoubal et no Donnerwieder ausgesäit direkt aus dem Waasser, och wann ee mengt et wär nach wäit ewech!!!!

## d) Um Gewan

– Probéieren ënner Daach ze kommen (Scheier, Haus, Bushaischen, …)

– Déifste Punkt oder Sank opsichen

– Net ënnert e Bam oder eng Bamgrupp stellen

– Probéieren an de Bësch ze lafen (cf . nächste Punkt)

– All Metall wäit fort vum Kierper (Velo, …)

– Net leeë mee sech huppen an d'Féiss esou no beienee wéi méiglech

## e) Am Bësch

– Probéieren an en Dall oder eng Sank ze kommen

– Probéieren op eng Plaz ze kommen, wou d'Beem net esou héich sinn

– Net widdert e Bam stäipen: Distanz 3 – 5 m !!

– Probéieren de Beréierungspunkt mat dem Buedem esou kleng wéi méiglech ze halen (d.h.: Net leeë mee sech huppen an d'Féiss esou no beienee wéi méiglech)

– Bei Wand a Stuerm onbedéngt d'Beem am A behalen, fir dass ee séier ka fortsprange wann een ëmfält

## f) Bei Fielsen an Hielen

– Roueg ënnert en Iwwerhang oder an eng Hiel goen. Desto méi déif, desto besser

– Bei Iwwerhäng oder klengen Hielen ( < 10 m): net widder d'Wänn kommen.



# Transport

# Transport

Dacks musse mer fir eis Aktivitéiten op aner Plaze fueren. Fir e Weekend, e Camp oder Sortien oder am Kader vun eise Versammlungen, ëmmer erëm komme mer an d'Situatioun wou mer eise ganze Grupp oder och villäicht nëmmen eng Equipe oder Patrull mussen iergendwouhin transportéieren.
Dës Transporter gehéieren zu eisen Aktivitéiten a mir mussen eis bewosst sinn, dass d'Chefequipe och fir a wärend dësen Transporter a bestëmmte Limite responsabel fir an iwwert d'Participanten ass.
Déi verschidde Punkten, déi elo hei behandelt ginn, sinn allgemeng fir Gruppe geducht; egal ob Kanner oder Jugendlecher. Et ass awer kloer, dass d'Verhalen esouwuel wat d'strikt Anhale vu Regelen ewéi och wat d'Fräiheeten ugeet, altersbedéngt ass a vu jidder Grupperesponsabele muss selwer evaluéiert ginn.
Virun den Aktivitéite mussen d'Eltere vun de Participanten ëmmer informéiert ginn, wéi den Transport assuréiert gëtt. Dëst erspuert de Grupperesponsabelen onnéideg Reprochen am Fall vun engem Accident.

## Mam Bus

Dem Gruppeleeder seng Responsabilitéitsberäicher :

a) De Wee bis an de Bus a fir aus dem Bus,

b) D'Behuele vun eise Leit am Bus,

c) D'Gruppematerial an d'Material vu jidder eenzelnem am Bus.

### a) De Wee an de Bus a fir aus dem Bus :

Déi gréisst Gefor wa mir mat Gruppe mam Bus fueren ass d'Waarden um Arrêt an d'Erausklammen aus dem Bus.

- Oppassen dass de Grupp zesumme bleiwt an dass net gerolzt gëtt. Heifir de Grupp eventuell do waarde loosse wou Plaz ass, de Grupp sech sëtze loossen oder mam Réck widdert eng Mauer stellen.
- Beim Eraklammen an de Bus ass den éischten an de leschten ëmmer e Grupperesponsabele fir mam Chauffeur alles kloer ze maache fir d'Sëtzen an d'Verstaue vum Material ze organiséieren a fir ze kucken dass keen an näischt vergiess gouf.
- Beim Erausklammen, wou ëmmer e Responsabelen als Leschten erausklëmmt, gëllt dat selwecht.

Ausserdeem:

- d'Sortie vum Bus net blockéieren,
- oppassen dass keen ënnert d'Rieder kënnt wann de Bus weiderfiert,
- d'Leit net hott an har lafe loossen (z.B.: bei d'Elteren) an se esou Gefor lafe loossen, ugestouss ze ginn,
- duerchchecken op kee vergiess ginn ass,
- beim Ausluede vum Material Richtung Strooss oppassen, dass keen ugestouss gëtt,
- oppassen, dass kee Material (Gruppen- a perséinlecht Material) vergiess gëtt an dass all Gruppematerial op enger Plaz an aus de Féiss zentraliséiert gëtt.

**Tipp : De Grupp mam Material direkt beim Erausklamme vum Bus weider leeden op eng Plaz wou genuch Plaz a kee Verkéier ass, a wou kee gehënnert gëtt.**

### b) D'Behuelen am Bus :

- Am Bus gëtt sech net onnëtz deplacéiert.
- Et däerf net gerolzt oder ronderëm geturnt ginn.
- Täschemesseren an aner schaarf Saache bleiwen zou.
- Et gëtt net mat Briquete gespillt.
- Et behält ee sech anstänneg, et ass ee frëndlech mat den anere Leit an et mécht een net onnëtz Kaméidi.
- Et hëlt ee säin Offall mat eraus.
- De Gupperesponsabele behält seng Leit am An an intervenéiert fréi genuch, esou dass aner Passagéier mierken, dass de Grupp e Leader huet, deen op seng Leit oppasst.

### c) Material am Bus :

- Näischt an d'Dieren oder de Gank leeën.
- Oppassen, dass näischt ausleeft oder opfiert (Bidonen, Gasfläschen,…).
- All schaarf Kanten (z.B.: Seeblat, …) ofsécheren.
- Alles esou verstauen, dass am Fall vu festem Bremsen oder Accident, näischt duerch de Bus flitt oder aus de Gepäcknetzer eroffält.
- Beim Verloosse vum Bus kontrolléiert e Gruppe-responsabelen, dass näischt vergiess ginn ass.

## Mam Zuch

Hei gëllt am Prinzip dat selwecht ewéi bei de Busreesen.

Ausserdeem :

- Oppassen, dass een am Gewulls vun der Gare kee verléiert.
- Wann den Zuch aleeft mussen d'Leit minimum 1 Meter vum Bord vum Quai ewech stoen an d'Gruppeleeder musse se warnen an am A behalen.

## Mam Auto

Wa mer eis Leit mat Autoen transportéieren oder transportéiere loossen, muss ee sech bewosst sinn dass :

- de Chauffeur déi integral Responsabilitéit vis-à-vis vu senge Passagéier am Fall vun engem Accident dréit,
- vill Elteren et net gär hu wann hir Kanner vu méi oder manner jonke Chauffeure gefouert ginn, dofir ass et just fir esou Transporter absolut wichteg d'Elteren am Virfeld heiriwwer z'informéieren,
- d'Assurance am Fall vun enger Iwwerbesetzung am Auto (méi Leit ewéi Plazen), net fir all Schued vun de Passagéier opkënnt an d'Entschiedegung vun de Passagéier zu Laaschte vum Chauffeur ass.

**Bemierkung:** bei klengen Autotransporter sollen d'Grupperesponsabel sech iwwerleeën ob et net méi einfach a pädagogesch wäertvoll ass, e puer honnert Meter zu Fouss ze goen.

**Tipp: bei Autotransporter d'Elteren esou wäit ewéi méiglech selwer aspanen.**

**!!! Warnung: wéinst ville Geforen ass Autostopp absolut tabu!!!**

## Mat enger Camionnette

Et gëllt am Prinzip dat selwecht ewéi beim Bus a beim Auto.

Ausserdeem :

- vill Elteren hunn et net gär wann hir Kanner vu méi oder manner jonke Chauffeure geféiert ginn; dofir ass et just fir esou Transporter absolut wichteg d'Elteren am Virfeld heiriwwer z'informéieren;
- ëmmer drun denken, dass Materialcamionnetten ouni Sëtzer net fir Persounentransporter zougelooss an assuréiert sinn;
- et däerfen net méi Leit transportéiert ginn, ewéi et Sëtzplaze ginn;
- den normale B-Führerschein gëllt nëmme fir e PMA vun 3.5 Tonnen a fir 9 Leit (8 Passagéier an 1 Chauffeur)

## Mam Fliger

Et gëllt am Prinzip dat selwecht ewéi mam Zuch.

Ausserdeem :

- Messeren an aner schaarf Saache gi scho beim Check-In konfiskéiert;
- Bidone mat Bensin oder Gas sinn am Fliger, och am Gepäck, verbueden;
- D'Material muss an zolitte Këschten oder Säck verpaakt sinn; beim Be- an Entluede gi se net geschount;
- Och am Fliger, wou en dacks gratis ass, ass den Alkoholkonsum vun de Gruppememberen ze verbidden oder mindestens ze iwwerwaachen;
- Iwwerwaachen, dass kee säi Billjee a seng Boardingkaart verléiert.

## Mam Schëff

Et gëllt am Prinzip dat selwecht ewéi mam Fliger.

Bei längere Schëffsreesen ausserdeem :

- Virkéierungen treffe fir de Fall vu Séikrankheet (Tuten, "Reisegold" parat hunn, …) an d'Leit am Virfeld heiriwwer informéieren a froen;
- Animatioun virgesinn;
- Bei Fräizäit genee getimte Meetingen op genee definéierte Plazen organiséieren;
- D'Gruppemembere vu Geldspiller an - Automaten ewechhalen;
- Eng Persounelëscht mat de Kabinneplaze féieren;
- Dem Schëffspersonal soe wien de Grupperesponsabel ass (fir de Fall wann et engem schlecht gëtt);
- Iwwerwaachen, dass kee säi Billjee a seng Boardingkaart verléiert;
- D'Garde vum Material net vergiessen.



# Stroosseverkéier

# Stroosseverkéier

Ëmmer erëm begéine mer Situatioune wou mer net dolaanscht kommen eis a gréissere Gruppen duerch de Stroosseverkéier mussen ze beweegen. Well de Stroosseverkéier ee vun de geféierlechste Facteuren ass, musse mer als Animateure vun esou Gruppe grondsätzlech ganz kloer dem Grupp d'Verhalensregelen erklären an och dofir suergen, dass se agehal ginn.

## Ze Fouss :

Ier mer an déi verschidde Situatioune kommen, muss de Grupp gesot kréie wéi e sech ze verhalen huet:

- Grondsätzlech gi mer als Foussgänger ëmmer iwwer den Trottoir.

Ass keen Trottoir do:

- geet een op der lénker Säit vun der Strooss, no beim Bord, dat heescht géint de Verkéier. Et geet een een hannert dem aneren a mat Kleeder oder Gilete soll een op sech opmierksam maachen. An der Nuecht musse Luuchten op een opmierksam maachen. Ass et aus iergendenger Ursaach net méiglech oder ze geféierlech op der lénker Säit ze goen (Chantier, Ofgrond, Siicht...), da geet een een hannert dem aneren op der rietser Säit vun der Strooss, also mam Verkéier, an et passt een och op dass ee gesi gëtt.
- E grousse Grupp (Cortège) kann an der Strooss goen. Hie muss awer dann am rietse Couloir goen (mam Verkéier) ouni de Verkéier onnëtz ze hënneren.

Och hei gëllt:

E gudden Encadrement, a proppere Reie goen a gesi ginn.

- Als responsabel Animateure suerge mer dofir, dass mer als Grupp am Dag ewéi och an der Nuecht gutt ze gesi sinn (faarweg Kleeder, FluoReflektergileten, Luuchten,…).
- De Grupp muss ëmmer zesumme bleiwen; en däerf sech net ze laang zéien. Ausserdeem sollen ni méi ewéi zwee Leit niewendenee goen, an et muss opgepasst ginn, dass de Grupp ëmmer no laanscht de Bord geet.
- Si mer op enger Strooss ënnerwee wou net grad stänneg Autoe laanschtfueren, (z.B. Landstrooss), da muss all Auto haart gemellt ginn, an d'Leit am Grupp sollen et einfach weiderruffen, esou kritt jiddereen dat mat. Am Ufank gesäit dat villäicht e bësse komesch aus, mee spéider ass et opeemol normal a gehéiert zum normale Gruppebehuelen.
- D'Animateure ginn am Grupp op der Verkéierssäit mat a behalen de ganze Grupp am Aan. Si intervenéiere ganz fréi wann eppes net klappt fir esou d'Leit ëmmer erëm drun ze erënneren dass hei verschidde Regele musse respektéiert ginn. Sinn nëmmen een oder zwee Animateuren do, solle si hannen am Grupp matgoen, dann hu si alles besser am Aan.
- De Grupp geet prinzipiell ëmmer nëmme bis op déi nächst Kräizung. Hei gëtt gewaart bis de Grupp komplett zesummen ass ier en iwwer d'Strooss geet.
- An der Nuecht soll all Member vum Grupp eng Täscheluucht hunn, mat där hie viru sech op d'Strooss liicht oder se vu fir no hannen hin an hier schwenkt. Esou gesinn d'Autoschaufferen, dass sech eppes op der Strooss beweegt.
  Et däerf awer ni op Autoe geliicht ginn, si gi soss geblennt.
- Huet een d'Méiglechkeet Blëtzluuchte matzehuelen, sollen déi selbstverständlech gebraucht ginn.

## Kräizen :

Iwwer d'Strooss geet ee grondsätzlech iwwer en Zebrasträif, och hei muss een awer op verschidde Punkten oppassen :

1. mir stellen de Grupp esou op, dass en zesumme kann iwwer d'Strooss goen ouni eng ze vill laang Schlaang ze bilden;
2. de ganze Grupp geet zesummen iwwer d'Strooss an dëst op e Kommando vun engem Responsabelen hin; déi Animateuren, déi de Grupp encadréieren, musse sech also eens ginn, ween de Kommando gëtt;
3. esouwuel no riets ewéi och no lénks sëchert jeeweils een Animateur de Verkéier;
4. bei engem Zebrasträif weise mer den Automobiliste mat kloeren Handzeechen, dass mer wëlles hunn eriwwer ze goen a wénke Merci wa se stoe bleiwen.

Ass keen Zebrasträif do, musse mer einfach esou iwwer d'Strooss goen:

1. Gekräizt ginn däerf nëmmen op enger iwwersiichtlecher Plaz; ass dat net méiglech, muss sech op all Säit een Accompagnateur esou stellen, dass hie genuch Siicht huet a ggf. de Verkéier ka warnen.

2. Mir stellen de Grupp an eng bis zwou Reie laanscht d'Strooss esou, dass de ganze Grupp a kuerzer Zäit zesumme kann iwwer d'Strooss goen.
3. De ganze Grupp geet zesummen iwwer d'Strooss an dëst op e Kommando vun engem Responsabelen hin; déi Animateuren, déi de Grupp encadréieren, musse sech also eens ginn, ween de Kommando huet.
4. Esouwuel no riets ewéi och no lénks sëchert jeeweils een Animateur de Verkéier.
5. Ass de Grupp bis ënnerwee, gëtt dofir gesuergt, dass net getrentelt gëtt
6. Komme mer déi aner Säit un, wénke mer den Automobilisten e kuerze Merci.

## Mam Vëlo :

Am Prinzip soll e Grupp esou vill ewéi méiglech op Vëlospiste fueren ouni awer ze vergiessen, dass et och hei dem Code de la Route nogeet.
D'Vëloe mussen dem Code de la Route entsprechen, wat bei Mountainbiken zemools an der Nuecht dacks net de Fall ass.
En Helm ass kee Muttwëll.

**Regelen :**

- Och wann de Code de la Route eppes aneres seet, opmannst fir ausserhalb vun den Uertschaften, fueren d'Leit hannereneen a sollen net iwwerhuelen.

- Tëscht den eenzelne Vëloe sollen ëmmer 2 Meter Distanz gehale ginn, dat vermeit munch Bremsaccidenter.

- De Grupp soll esou fueren, dass en och als Grupp ze erkennen ass. Ausserdeem mécht et Villes méi einfach wann all Mënsch d'selwecht ugedoen ass oder en uniforme Gilet unhuet.

- All Auto soll vu jidderengem gemellt ginn.

- All Grupp muss vu mindestens 2 Accompagnateuren encadréiert ginn. Ee fiert vir an een hannen:
  * Den Éischten däerf net iwwerholl ginn; hie suergt esou dofir dass jiddereen no kënnt an dass keng Course gefuer gëtt. Ausserdeem stoppt hien de Grupp wann et néideg ass. (Kräizung, Paus, …).
  * De Leschten ass do wann e Vëlosfuerer e Problem huet an hien ass ausserdeem dem Éischte seng Referenzpersoun. Ass hien net méi hannendrun, da stoppt den Éischten de Grupp fir ze waarden oder fir déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen.

- Wann de Grupp muss stoe  bleiwen, sicht den éischten eng Plaz wou genuch Plaz fir all Vëlo ass. Ass déi schwéier fannen, da bleiwt de Grupp um Bord vun der Strooss stoen, een hannert dem aneren an der selwechter Reiefolleg ewéi de Grupp gefuer ass.

- Fiert de Grupp weider, blockéiert den hënneschten Accompagnateur de Verkéier no hanne bis de leschte Vëlosfuerer vum Grupp weider fiert.

- Muss de Grupp lénks ofbéien, fiert de Grupp an d'Mëtt vun der Strooss, nodeems den hënneschten Accompagnateur de Couloir zougesat huet. Duerno bleiwt de Grupp stoen a waart bis kee Géigeverkéier méi kënnt. De ganze Grupp kann da geschlosse fueren. Dat selwecht gëllt fir rechts ofzebéien.

- Si mer op enger Strooss ënnerwee, wou net andauernd Autoe laanschtfueren, (z.B. Landstrooss) da muss all Auto haart gemellt ginn, an d'Leit am Grupp sollen einfach weiderruffen, esou kritt jiddereen dat mat. Am Ufank gesäit dat villäicht e bësse komesch aus, mee spéider ass et opeemol normal a gehéiert zum normale Gruppebehuelen.

- Am Biergop de Grupp opdeelen, an déi, déi de Bierg fuere kënnen an déi, déi en ze Fouss ginn (uewe gëtt ëmmer gewaart!) Et ass besser mat Zäit vum Vëlo erofzeklammen ewéi ze muerksen an dann am Effort zickzack ze fueren. Geet ee mam Velo ze Fouss, spillen déi selwecht Regelen ewéi wann ee fiert.

- Op de Vëlospiste kann een de Grupp e bësse méi labber loossen. Et muss awer drun erënnert ginn dass op enger Vëlospist och Géigeverkéier ass an dass hei de Code de la Route gëllt. Ausserdeem soll een d'Leit drun erënneren, dass dacks mëtten op der Pist Pottoe sti fir Autoen ewechzehalen. Leider ginn déi Pottoen dacks iwwersinn.

- Op der Vëlospist muss de Grupp op all Kräizung waarde bis e komplett ass. Zesumme geet en dann iwwer d'Strooss. Dëst ass dann och eng gutt Geleeënheet fir de Grupp ze sammelen.

- Beim Parken ëmmer eng Plaz siche wou genuch Plaz ass, wou kee gehënnert gëtt a waméiglech wou een d'Vëloe stäipe kann. D'Vëloen esou stellen, dass se vir an hanne mat engem Vëlosschlass gespaart kënne ginn an drun denken, alles erofzehuele wat geklaut ka ginn. (Kilometerzieler, Pompelen, Fléckgeschir, …).

- Als lescht gëllt et drun ze denken, dass zemols an der Hëtzt muss genuch gedronk ginn an dass bei Sonn all Mënsch eppes um Kapp huet. Dëst eriwwregt sech wann een en Helm unhuet.



# Encadrement

# Encadrement

E wichtegt Element a punkto Ofsëcherung vun den Aktivitéiten ass den Encadrement vun de Jonken. Dozou huet all Organisatioun hir eege Regelen. Net all Aktivitéit ka reglementéiert ginn; dofir hei eng Rëtsch Recommandatiounen, déi hëllefe kënne sech z'orientéieren. Am Text ass mat "Weekend" eng Aktivitéit vun 2 oder 3 Deeg (1 oder 2 Nuechten) gemengt a mat "Camp" eng Aktivitéit vu méi wéi 3 Deeg (2 Nuechten).

## Leedung

All Weekend oder Camp gëtt vun engem erwuessenen Animateur geleet, deen déi néideg Erfahrung a Formatiounen huet a Responsabilitéit kann iwwerhuelen. Déi responsabel Animateure vum Weekend/Camp si vum Ufank bis zum Enn vum Weekend/Camp present. D'Animateurséquipe besteet aus op d'mannst 2 Animateuren. D'Animateurséquipe vun engem Camp mat Jongen a Meedercher ass waméiglech gemëscht.

## Speziell Aktivitéiten

Et ass kloer, dass all d'Aktivitéite vun enger Animateurséquipe encadréiert sinn. Allerdéngs ass et net iwwerall néideg, dass d'Animateurséquipe permanent all Equipe begleet.
Bei verschiddenen Aktivitéite kënnen d'Kanner oder déi Jugendlech duerchaus punktuell eleng gelooss ginn. Dat hänkt vun hiren altersbedéngte Kompetenzen of. Et ass selbstverständlech, dass d'Animateuren déi betraffe Jugendlech oder Kanner musse gutt kenne fir kënnen ze gesinn ob esou eng Aktivitéit ouni Begleedung iwwerhaapt méiglech ass.
Am Fall vun Onsëcherheeten an dësem Beräich soll de responsabelen Animateur sech mat der Hierarchie ofschwätzen, respektiv d'Aktivitéit esou organiséieren, dass en de Problem ëmgeet.




# Verflichtunge vu Jugendanimateuren

# Verpflichtunge vu Jugendanimateuren

Animateur vu Jugend- oder Kannergruppen ze sinn, bréngt eng Rei Pflichte mat sech. Engersäits ergi sech des Pflichten aus de juristesche Responsabilitéiten, déi mir iwwerhuele wa mir mat Mannerjärege schaffen, anerersäits bréngen och d'Zilsetzunge vum jeeweilege Veräin moralesch Verpflichtunge mat sech.

## Sëcherheet

D'Sëcherheet an d'Iwwerwaachungspflicht si matenee ganz enk verbonnen doduerch dass d'Iwwerwaachungspflicht vum Animateur eng direkt Konsequenz ass vun der "obligation de sécurité" déi e vis-à-vis vum Kand dréit. D'Animateure si verpflicht all noutwenneg Virsiichtsmoossname bei der Wiel an der Organisatioun vun enger Aktivitéit ze huelen, fir esou d'Accidentgefor op e Minimum ze reduzéieren.

## Iwwerwaachungspflicht

D'Iwwerwaachungspflicht gëllt fir déi ganz Zäit vun der Aktivitéit (Versammlung, Weekend, Camp asw.).
Et gëtt den Animateure staark ugeroden, den Ufank an d'Enn vun enger Aktivitéit kloer ze markéieren. Sou kann een all Zweedeitegkeet ausschléissen, déi kéint entstoen, am Fall wou z.B. kuerz virun oder nom Ufank resp. Schluss vun der Aktivitéit en Accident passéiert.

**Beispiller :**

- Och bei engem Iwwerliewensraid muss eng adequat Ernährung vun de Participante garantéiert sinn.
- Bei Nuetsaktivitéite muss duerno de Jonke genuch Schlof erméiglecht ginn.
- Zum Schluss vun engem Weekend kommen Elteren hir Kanner net ofhuelen. Den Animateur huet d'Opsiichtspflicht bis all d'Kanner ofgeholl sinn. Während der Zäit wou do eppes passéiert, ass hie responsabel.
- Wa während enger Nuetssortie am Bësch d'Kand iwwert en Aascht fält oder sech soss iergendwéi wéi deet: Hei ass ze ënnersträichen, dass eng Nuetsaktivitéit, wéi generell all Aktivitéit, dem Alter vum Kand ugepasst muss ginn, an dass den Animateur speziell während enger Nuetsaktivitéit ëmmer dobäi muss sinn, fir eng optimal Sëcherheet ze garantéieren.

## Informatiounspflicht

D’Informatiounspflicht ass am allgemengen eng “obligation de moyen”. D’Informatiounspflicht besteet fir d’Animateuren doran, souwuel d’Eltere wéi d’Kanner ze informéieren, wat während engem Camping, engem Weekend oder enger Aktivitéit gemaach gëtt. Hei muss een net op all Detail agoen, mee déi gréisser Aktivitéite solle ganz kloer ugekënnegt ginn.
D’Animateuren hunn och d’Pflicht, sech selwer z’informéiere wat d’Risike vun enger Aktivitéit sinn, andeems se sech am Viraus op de richtege Plazen informéieren (Fachzäitschrëften, Fachleit,…).

## Moralesch Verpflichtungen

Als Animateur vun engem bestëmmte Veräin/ Organisatioun ass een e Vertrieder vun enger Associatioun, déi fir verschidde Wäerter steet. Dës Wäerter sinn an de Statute beschriwwen oder sinn allgemeng bekannt.
Ausserdeem muss d’Behuele bei den Aktivitéiten, esouwuel no baussen, ewéi och am Ëmgang mat de Jugendlechen a Kanner, allgemeng gültege Moralwäerter a Behuelregelen entsprechen. Dëst si Verpflichtunge vis-à-vis vun den Elteren, mee och vis-à-vis vum Veräin/Associatioun.

## Hierarchie an de Responsabilitéiten

### a) De responsabelen Animateur (Haaptanimateur).

Den Haaptanimateur ass verantwortlech fir d’Organisatioun an den Oflaf vun den Aktivitéiten.
All Animateure mussen all hir Méiglechkeeten asetzen, dass de Kanner oder enger Drëttpersoun näischt passéiert.
Wann den Haaptanimateur d’Kanner oder déi Jugendlech, fir déi hie responsabel ass, engem Assistent, Stagiär oder Mataarbechter uvertraut, muss hie fir dem seng Feeler am Kader vum Oflaf vun der Organisatioun a bestëmmte Limitten opkommen, grad wéi fir seng eegen. Hien ass responsabel fir d’Organisatioun vun der Aktivitéit. Hie muss sech also vun de Kompetenze vu senge Leit am Viraus iwwerzeegen.
Den Haaptanimateur muss d’Iwwersiicht iwwer d’Aktivitéiten hunn a kucken, dass opmannst déi gesetzlech Virschrëften agehale ginn.
Hien ass och responsabel dass all Paperassen an Autorisatiounen an der Rei sinn.
Den Haaptanimateur huet d’Pflicht, festgestallten Onregelméissegkeeten an Dysfonctionnementer ze ënnerbannen (z.B. Problemer mat Alkohol a fëmmen op engem Camp).

### b) Den Animateur

Den Animateur vun enger Aktivitéit, dat heescht, den Animateur, den d’Aktivitéit direkt leet, ass responsabel iwwert déi Kanner a Jugendlech déi matmaachen. Dëst ass eng duerch d’Gesetz festgeluechte Responsabilitéit (Garde). Dës Responsabilitéit spillt esouwuel fir déi Kanner/Jugendlech, déi ee betreit, ewéi och fir Schied, déi duerch déi Jugendlech entstinn.



# Assurancen

# Assurancen

Als Member vu ville Veräiner/Organisatioune profitéieren den Animateur an de Participant dacks (awer net ëmmer !!), vun enger Onfallversëcherung a vun enger Haftpflichtverëcherung, déi d'Aktivitéiten esou gutt wéi méiglech ofdecken.
D'Onfallversëcherung ass dacks déi staatlech "Assurance contre les accidents", déi och zum Beispill d'Schoulen ofsëchert. Eng Onfallversëcherung kënnt fir Kierperschied op. Donieft soll eng Haftpflichtversëcherung mat engem privaten Assureur ofgeschloss ginn. Dës Assurance versëchert Schied, déi engem Drëtte gemaach ginn.
Dës zwou Assurancë kommen op fir Aktivitéiten, déi als Aktivitéite vum jeeweilege Veräin zielen. Et kann ee soen, dass esou eng Aktivitéit eng Aktivitéit ass, déi mat ugemellte Participanten, no de Methoden a Reglementer vum Veräin organiséiert gëtt.
Wichteg ass, sech am Virfeld ze iwwerzeegen ob esou Assurance bestinn, an se, wann néideg, extra fir d'Aktivitéit ofschléissen.

## Wien ass assuréiert?

- Dat hänkt vun der Zort vun der Assurance of, déi ofgeschloss ginn ass.
- Leit, déi spontan bei enger Aktivitéit matmaachen (z.B. Visiteure vun enger Kiermes), maachen dat op hiren eegene Risque, ausser heifir gëtt alt erëm eng speziell Assurance ofgeschloss.

## Wat ass assuréiert?

- Generell sollen all Aktivitéiten, déi mat de Kanner a Jugendleche geplangt an duerchgeféiert ginn, vun den "normalen" Assurancen ofgesëchert sinn, esou dass kee perséinlech muss fir Schied opkommen.

- Ausname sinn awer Aktiounen, déi den Assureur net als "normal" Aktivitéit gesäit.
  Zum Beispill sinn Aarbechten un engem Chalet, Wisefester, Adventsbasaren, Autobotzaktiounen, Baler,... dacks net komplett vun den Assurancen ofgedeckt.

**Awer opgepasst :** Ni assuréiert ass an dëse Policen de Schued u geléintem Material. Net assuréiert ass de Schued duerch Gefierer. Net assuréiert sinn Net-Memberen (Amicale, Visiteuren). Fir sech och an dëse Beräicher ofzesëcheren, muss all Kéier eng speziell Assurance ofgeschloss ginn.

- Wann all d'Aktivitéiten no de Reglementer a Statute vun dem jeeweilege Veräin ugemellt an organiséiert ginn, dann decken d'Assurancen d'Aktivitéiten of um Niveau vun der Responsabilité Civile.

## Haftpflicht (assurance responsabilité civile)

- Assuréiert ass all materielle Schued, den e Member während enger Aktivitéit engem (Drëtten) Net-Member zoufügt. Optimal ass, wann och de Fall virgesinn ass, wou de Schued vun engem Member, den duerch en anere Member zu Schued komm ass, assuréiert ass. D'Memberen ënnert sech zielen dann als "tierce personne". Dëst ass awer net ëmmer de Fall a muss kloer an de Konditioune vun der Assurance stoen.
- Och wann d'Lëscht laang schéngt, ass et wichteg sech am Kloeren doriwwer ze sinn, wat ni duerch d'Haftpflichtassurance versëchert ass vum Club, Veräin oder der Associatioun :
  - Schied um eegene Veräinsmaterial oder -lokal.
  - Schied u perséinlechem Material (z.B. futtis Box, Bräll...).
  - Verluere Saachen.
  - Geklaute Material (z.B. e Vëlo, den op engem Camp-volant geklaut gëtt).
  - Schied u Material wat zur Verfügung gestallt, geléint oder gelount gëtt wéi z.B. Sonorisatiounsanlag déi ee matbréngt; Schied un Autoe bei enger Autosbotzaktioun, ... Et gëtt fir déi Saachen ugeroden eng extra Assurance ze maachen.
  - Aktivitéiten op engem Schëff (Motorboot oder Yacht) oder am Fliger.
  - Schued un engem Haus, dat fir Aktivitéite benotzt oder gelount gëtt.
  - Schued, déi e Visiteur sech selwer bei enger vun den Aktivitéite mëcht (ausser wann et duerch d'Schold vun engem Member geschitt).
  - Schued bei Autosaccidenter (do spillt dem Proprietaire seng Autohaftpflicht).
  - Fir d'Deklaratioun vum Schued soll ee sech un de Veräinscomité wenden.

**En Animateur soll näischt ënnerschreiwe wou dra steet, hie wär responsabel fir de Schued oder den Accident. Dat ass d'Affaire vum Assureur.**
**Den Animateur soll just eng Reconnaissance des faits maachen d.h. wéi, wat, wou geschitt ass !**

## Onfall (assurance accidents)

- Assuréiert am Kader vun enger „Accidentspolice" si Kierperschied, déi sech Participante bei engem Accident, während enger Aktivitéit zouzéien.
- Dacks gëllt déi selwecht Onfallversécherung wéi fir d'Schoulen an d'Aarbechtsplazen. Se gëllt och fir den direkte Wee vun doheem op d'Plaz vun der Aktivitéit a fir den direkten Heemwee.

Net abegraff sinn :
o Krankheeten
o Aarbechten un engem Chalet, Kiermes, ...

- Bei engem Accident, wou e Participant muss bei den Dokter goen, muss obligatoresch e "gielen Ziedel" vun der "Association d'Assurance contre les accidents" ausgefëllt ginn. Aus der Beschreiwung vum Accident (Punkt 43 um gielen Ziedel) muss kloer ervirgoen, ëm wéi eng Aktivitéit et sech gehandelt huet a wat geschitt ass.

**Dës Richtlinne sinn nëmme generell Richtlinnen, déi awer vun de jeeweilege Kontrakter ofhänken.**
**Et ass op dëser Plaz onméiglech, genee Richtlinnen ze fixéieren, well all Veräin aner Zorten Assurancen huet. Existéiere keng permanent Assurancen am jeeweilege Veräin, esou ass et staark ugeroden, opmannst fir d'Dauer vun den Aktivitéiten, esou Assurancen ofzeschléissen.**




# Am Noutfall

# Am Noutfall

Dat, wat hei beschriwwe gëtt, si Recommandatioune fir de Fall vun engem schwéieren Accident. E schwéiert Accident ass eent wou e Liewen a Gefor ass oder wou schwéier bleiwend Schied ze fäerte sinn. An esou engem Fall ass et wichteg e klore Kapp ze behalen an d'Situatioun net nach ze verschlëmmeren. Déi Recommandatiounen, déi hei opgezielt sinn, kënnen awer och nëtzlech sinn an engem manner dramatesche Fall.

## a) Am Virfeld

- Dëse Fall virgesinn an eng Kéier mat der ganzer Animateurséquipe duerchdiskutéieren.
- En Interventiounsplang mat enger geneeër Chargëverdeelung opstellen (z.B. : en Accompagnateur fir an d'Klinik oder fir de Rapatriement festleeën, …)

## b) Am Fall vun engem Accident

### 11.2.1. Koordinatioun

- Am Fall vun engem Accident iwwerhëlt den Haaptverantwortlechen d'Koordinatioun. Wann hien/hat net handlungsfäeg ass, iwwerhëlt en aneren a senger Plaz dës Charge.

**Wichteg :** Et däerf nëmmen eng Persoun sinn, déi koordinéiert!

- Een Animateur gëtt designéiert, sech dorëm ze këmmeren, den 112 oder 113 unzeruffen. Dësen Animateur soll sech d'Méi ginn, dem 112/113 genee Informatiounen ze ginn. Ausserdeem soll en dofir suergen, dass d'Ambulanz déi richteg Plaz fënnt.

### De Blesséierten

- Op kee Fall däerf de Betraffenen (Blesséierten) eleng gelooss ginn.
- De Blesséierte berouegen, zoudecken.
- Jee no Fachkenntnisser hëllefen, näischt maachen ... oder mat gekonnte Sekuristegrëffer hëllefen.
- Dem Noutdéngscht déi néideg Informatioune ginn.
- Wann de Betraffenen an d'Spidol transportéiert gëtt, froen a wat fir eent.

### De Rescht vum Grupp

- D'Garde vum Grupp muss weider gesëchert bleiwen, a wann néideg heifir Hëllef organiséieren.
- Kee vun den Animateuren oder Kanner oniwwerluecht handele loossen.
- Wann et geet, den Appell vun de Leit maachen (kucken ob kee feelt) a se zesummen halen.
- Kucken ob keen anere blesséiert ass (ënner Schock kënnt et vir, dass verschidde Leit sech net mellen).
- D'Géigend analyséieren ob keng aner Gefore kënnen entstoen (Verkéier op der Strooss, beim Waasser, Steebroch....)
- D'Accidentsplaz ofsëcheren (Afaarten an Ausfaarte fräihalen, déi Virwëtzeg ewechhalen....)
- De Retour vun de Kanner an d'Home/Campplaz organiséieren.Waméiglech dee selwechte Wee heemgoe wann een d'Géigend net kennt.
- Zréck op d'Campplaz/Home goen. Déi aner Animateure resp. Kanner informéieren a berouegen.
- Dem Grupp eng ugepassten Animatioun ubidden, en esou oflenken an an eng gewëssen Normalitéit zeréckféieren.

## c) Nom Accident - ESOU SÉIER WÉI MÉIGLECH

- D'Elteren objektiv informéieren, heifir sech eventuell vu Leit hëllefe loossen, déi net direkt betraff sinn.
- Den Träger (d'Associatioun oder de Veräin, …) iwwer d'Accident informéieren.
- D'Aktivitéit fir déi net concernéiert Participanten, esou wäit et méiglech ass, normal weiderlafe loossen (lessen, Animatioun,…).

## d) Press

- Keng oder nëmme gutt duerchduechten Informatiounen u Friemer oder un d'Press ginn.

# Checklëscht fir d'Responsabel virun der Aktivitéit!

## 1. Informatiounspflicht

- [ ] Sinn d'Elteren iwwer de Programm informéiert (z.B. duerch eng Informatiounsversammlung oder en Informatiounsblat)?
- [ ] Wëssen d'Eltere wien de Responsabel vun der Aktivitéit ass?
- [ ] Sinn d'"Fiches Médicales" ausgefëllt an och do wou se gebraucht ginn?

## 2. Encadrement

- [ ] Ass d'Aktivitéit korrekt encadréiert?
- [ ] Ass all Animateur sech bewosst, dass en eng Opsiichtspflicht vis-à-vis vun de Kanner huet a weess hie wat dat mat sech bréngt?

## 3. Preparéiere fir den Eeschtfall

- [ ] Hunn ech d'Nimm, d'Adressen an d'Gebuertsdaten (alles op der Fiche Médicale) vun de Participanten?
- [ ] Hunn ech d'Adressen an d'Telefonsnummere vun de jeeweilegen Elteren/Tuteuren während der Period vum Camp?
- [ ] Hunn d'Animateuren Noutfallkäertercher?
- [ ] Hu mir un d'Sëcherheetsaspekter bei den Aktivitéite geduecht?
- [ ] Hu mir eng Apdikt/Éischt-Hëllefkëscht dobäi an ass se an der Rei?
- [ ] Weess all Animateur wou en am Noutfall medizinesch Hëllef kritt?

Notizen

..........................................................................................................................

..........................................................................................................................

..........................................................................................................................

CAPEL Ville de Luxembourg
Centre d'Animation Pédagogique et de Loisirs

Caritas Jeunes et Familles A.S.B.L.
Service Vacances

croix-rouge luxembourgeoise

Union Grand-Duc Adolphe
ugda
Ecole de Musique

eneps
ECOLE NATIONALE DE L'EDUCATION PHYSIQUE ET DES SPORTS

fnel scouts & guides

Groupe Animateur

JEC
Jeunesse Etudiante Chrétienne

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Lëtzebuerger Jugendpompjeeën

VILLE DE LUXEMBOURG

snj
Service National de la Jeunesse

Document édité par la commission consultative
à la formation des animateurs de loisirs.

**Adresse postale**
Boîte postale 707 • L-2017 Luxembourg

**Adresse siège**
138, blvd de la Pétrusse • L-2330 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-86465 Fax: (+352) 46 41 86
info@snj.etat.lu • www.snj.lu

Ce document a été redigé par :

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Service National de la Jeunesse